

an eist Land era schaffen. Nëmme 6% vun de Frontalieren insgesamt an 8% vun deenen aus Lothringen benotzen den öffentlichen Transport fir op hir Aarbecht ze kommen.

Mat dem wirtschaftlechen Op-schwung an där doraus entstandener Verbesserung vun eise Wuelstand huet dem Privatauto seng Glanzzeit ugefaang. An deene leschten 30 Joer huet d'Zuel vun de private motorisierte Gefier sech bei eis am Land méi wéi verdreifacht a mat 614 Autoen op 1.000 Awunner steet Lëtzebuerg wäit un der Spëtzt vun de Länner vun der Europäescher Unioun.

Här President, all déi Entwécklungen hu mat sech bruecht, datt déi wichtegst Funktiounen vun eiser Populatioun wéi wunnen, schaffen, akafen, an d'Schoul goen an entspannen ëmmer méi ausernee gedriwwen sinn. Doduerch muss sech ëmmer méi déplacéiert ginn an déi meescht Déplacements gi mam Privatauto zréckgeluecht. Dat ass en allgemengen Trend, well tëschent 1970 an 1997 ass d'Mobilitéit an Europa vu 17 Kilometer op 35 Kilometer erop gaangen a 70% vun de Persounentransporter geschéien iwwert d'Strooss.

Eise Stroosseverkéier, wéi iwwergens och eisen Eisebunnverkéier, besonnesch wat de Wuerentransport ubelaangt, si staark vum Transittransport belaaucht. Den Transitverkéier vum Wuerentransport op eise Schinne stellt 50% vum internationale Wuerentransport vun der Eisebunn duer an huet sech an deene leschten zéng Joer praktesch verduebelt. Déi europäesch Ministeschkonferenz vun den Transportministernen huet e Prognostik opgestallt no deem den internationale Wuerentransport bis d'Joer 2015 wäert doubléieren, an de Gros dovunner wäert iwwert d'Strooss geschéien.

An engem Bericht vum Conseil de l'Europe gëtt kritiséiert, datt d'Eisebunn de Fret an engem Schleekentempo transportéiere géif an engem Schnëtt vun 18 Kilometer an der Stonn. Dat wier eng Ursach firwat nëmme 14% vum Wuerentransport a Westeuropa iwwert d'Schinn geschéien. An Zentral- an an Ost-Europa sinn dat haut ëmmerhin nach 41%, obschonnns deen Undeel an deene leschten zéng Joer op d'Halschent erof gaangen ass.

Fir de Conseil de l'Europe ass d'Ouverture vun dem Schinentransport fir d'Konkurrenz deene eenzege konkrete Wee, fir datt d'Eisebunn erëm en Deel vum Marché vum Wuerentransport vun der Strooss zréckgewënnt. Eis Regierung muss also dem Transittransport an hiren Iwwerleeungen zum Verkéierskonzept Rechnung droen a sech op internationalem Plang fir eng Verlagerung vum Wuerentransport vun der Strooss op d'Schinn asetzen.

Trotz dem massiven Zouwuess vum Verkéier hunn eis Infrastrukture sech an deene leschte Jore kaum verännert. Eist Stroossenetz ass vun 1970 op haut ëm 32 Kilometer, also ëm 1,1% verlängert ginn. Och eist Eisebunnnetz huet sech net vergréissert an d'Strecken, déi mat den CFL-Busse gefuer ginn, sinn an deene leschte Joren och net erweidert ginn. Nëmmen d'Buslinien, déi vu Privatfirmen an Opdrag vun eise Stat bedéngt ginn, sinn a leschter Zeit wesentlech ausgedehnt ginn.

De Fuhrpark vun der CFL huet sech och net spierbar vergréissert an ass haut méi wéi jee staark iwwerhuelbedürftig. De Persounentransport bei der Eisebunn ass an deene leschten 20 Joer vu 14 Milliounen op knapp 13 Milliounen erofgaangen. Erfreelech ass awer, dass en tëschent 1996 an 2000 ëm 16,7% an d'Luucht gaangen ass. An darselwechter Zeit, dat heescht an deene leschten 20 Joer, ass de Persounentransport vun de Busse vun der Stad Lëtzebuerg vun 17,2 Milliounen op 24,4 Milliounen, also iwwer 40% gestiegen, nodeems en

1990 op 12,5 Milliounen gefall war. Deemoools huet de Willy Bourg, als zoustännege Schaffe vun der Stad Lëtzebuerg fir de Busverkéier, de Service nom Motto „am Takt fueren“ - regelméisseg, séier, pünktlech a komfortabel fueren - reorganiséiert. Dës Reorganisatioun hat zur Konsequenz, dass am Laf vu véier Joer d'Zuel vun den transportéierte Persounen vun 12,5 Milliounen op 21,6 Milliounen, also ëm 75% geklomm ass, obschonnns d'Zuel vun de Kilometeren, déi gefuer goufen, nëmmen ëm knapp 40% an d'Luucht goug.

De Persounentransport vum TICE ass an deene leschten 20 Joer vu 7,3 Milliounen op 6,3 Milliounen, dat heescht ëm 13,7% zréckgaangen. Ufanks den 90er Jore war en op 4 Milliounen gefall, esou dass mer an deene leschte Joren eng Progressioun vu méi wéi 57% verzechnen.

Dat alles erëm bedingt, dass besonnesch an de Spëttestonnen, dat heescht moies tëschent siwen an halwer néng an owens tëschent fénnef a sechs d'Kapazität vum eiser Eisebunn un hir Grenze stéisst an de Stroosseverkéier all Moment riskéiert e Kollaps ze kréien. Et ginn einfach ze vill Trajeten am Dag zréckgeluecht, an déi meescht vun den Déplacements ginn och nach mam Privatauto gemaach.

Här President, dat waren där Zuelen e bësse vill, awer ech wollt mat der Beschreiwung vun der Entwécklung vun eiser Gesellschaft erklären, dass de Problem vum Verkéier net e Problem ass, deen eleng den zoustännege Minister fir den Transport oder de Stroosseau ugeet, et ass och e Problem vun de Betriber déi sech do etabléiert hunn, wou si déi beschte Expansiounsméiglechkeete gesinn hunn, ouni de Problem vum Transport vun hirem Personal a vun hire Clienten besonnesch ze berücksichtigen. Et ass och nach e Problem vun de Gemengen, déi d'Implantatioun vun deene Betriber autoriséiert hunn, wou vill Gemenge bis viru kuerzem nach kee kohärente Bebauungsplang haten. Et ass awer och a virun allem e Problem vun eis all, déi aus iwwerdriwwener Bequemlechkeet fir all klengen Déplacement mengen missen den Auto ze huelen.

Et ass also e Problem vun horizontaler Zoustännegkeet tëschent verschiddene Ministeren, e Problem vu vertikaler Zoustännegkeet tëschent Regierung, Gemengen a Privatbauhären, a besonnesch e Mentalitéitsproblem, deen eis all betrëfft. Dofir muss een, fir de Problem an de Grëff ze kréien, an enger concertierter Zesummenaarbecht tëschent Transport-, Bauten-, Wirtschafts-, Wunnensbau-, Unterrichts-, Innen-, Ëmwelt- a Landesplanungsministere zesumme mat de Gemengen de Problem ugoen a besonnesch och op d'Gewunnechte vun de Leit awierken.

Et muss virun allem versicht ginn, op déi grouss Zuel vun Déplacements anzewierken, an en Deel vun hinne vum individual op den öffentlichen Transport ze verleeën. Heibäi darf een net aus den Ae verléieren, dass fir de Lëtzebuerger d'Mobilitéit e Stéck Liewensqualität bedeit an dass d'Mobilitéit dofir op de Schwéierpunkte Flexibilität, Vitesse, Confort a Sécherheet tabléiert. Op deene véier Pläng muss den öffentlichen Transport seng Akzenter setzen, wann e méi Leit fir seng Services gewanne wëll. D'Reorganisatioun vum Busverkéier vun der Stad Lëtzebuerg, déi de Willy Bourg duerchgefouert huet, huet dat erweisen.

Här President, fir de Problem vum Transport an de Grëff ze kréien, muss gesuergt ginn:

- Dass d'Aarbecht an d'Wunnen erëm méi no zesumme wuessen, andeems een nei Aarbechtsplazen do schafft wou méiglechst vill Leit wunnen, oder nei Wunnengen do baut wou d'Aarbechtsplazen ugebuede ginn.

- Nei Lycéeën esou gebaut ginn, dass de Verkéier a Richtung Stad Lëtzebuerg entlaascht ka ginn.

- D'Uertschaften erëm esou ausgeriicht ginn, dass se de soziale Funktiounen vun de Stéit Rechnung droen, esou dass d'Leit net fir all kleng Kommissioun oder Déngschleeschung an d'Grande Surface musse fueren.

- D'Administratiounen erëm méi dezentraliséiert ginn, fir Aarbechtsplazen aus der Haaptstad an d'Regioun eraus ze délocaliséieren, fir de Leit vum Land de Wee an d'Stad ze erspueren, wa se eng Verwaltung musse opsiche goen.

- D'Parkinge méi no bei de Garen aménagéiert ginn, an dat esou no wéi méiglech bei de Leit hire Wunnengemengen, fir dass méi Leit den öffentlichen Transport benotze fir op hir Aarbecht ze kommen.

- E System vu Parkingspunkten aféieren, fir deene Leit, déi op déi Parkinge fuere fir den öffentlichen Transport ze benotzen, eng Plaz an d'Gratuitéit ze assuréieren.

- Méi Busspuren ugeluecht ginn, fir dass ee sech, besonnesch an de Spëttestonnen, mam Bus méi séier oder weinstens grad esou séier wéi mam Privatauto déplacéiere kann.

- Den öffentlichen Transport méi attraktiv gestallt gëtt, andeems seng Horairen, seng Services a besonnesch d'Qualitéit vu sengem Fuhrpark verbessert ginn.

- Een dissuasiv Mesurë fir den Individualverkéier aféiert, andeems ee méi eng restriktiv Gestiou vun de Parkplazen an den Uertschaften applizéiert.

- Den Zougang zum öffentlichen Transport, wann nëmme méiglech, vun allen Uertschaften, besonnesch am ländlechen Raum, ausgebaut a verbessert gëtt.

- Aner Iwwerleeunge iwwer en Décalage vun den Aarbechtszeiten an de Carsharing kéinten och geféiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir de Problem enger kohärenter Léisung zouzeféieren, huet d'Regierung gläich no hirer Zesummesetzung am Joer 1999 den zoustännege Minister fir den Aménagement du territoire, de Michel Wolter, beoptraagt, mat de Ministeren Erna Hennicot-Schoepges, Henri Grethen, Fernand Boden, Anne Brasseur a Charles Goerens zesummen e Strategiepaabeier opzustellen. Eng Etüd iwwert en integréiert Verkéiers- a Landesentwicklungs-konzept, kuerz IVL genannt, ass an Opdrag ginn an déi zoustänneg Ministere sinn opgefuerdert sektoriell Enwécklungspläng opzustellen.

Den Här Grethen huet säi Strategiepaabeier zum Aspekt Schinneverkéier a Mobilitéit.lu d'lescht Fréijoer scho virgestallt. Déiselwecht Zäit hunn déi dräi Ministeren Hennicot, Grethen a Wolter en Tëschebericht iwwer e Globalkonzept zu Mobilitéit.lu presentéiert, an de leschte Januar huet dee mat der IVL beoptraagten Aarbechtsgrupp vun der Uni Karlsruhe en Tëschebericht vun hiren Aarbechte virgeluecht.

Här President, ee vun den Haaptverkéiersproblemer stellt sech am Süde vun eise Land, haapt-sächlech am Bassin minier. Hei stellt d'Rekonversioun vun den Industriebroochen eng eemoleg Geleeënheet duer, net nëmme fir d'Entwécklung vum Minett ze relancéieren, mä fir der Politik vun der konzentrierter Dezentraliséierung vun eise Land, déi eng grouss Prioritéit vun eiser Regierung genéisst, eng éischt konkret Léisung zouzeféieren a fir nei Aktivitéiten an Aarbechtsplazen an de Süden ze transferéieren, an do-duerch de Stroosseverkéier a Richtung Stad Lëtzebuerg ze entlaaschten.

Dofir muss den Ausbau vun dem öffentlichen Transport an eise Land besonnesch der Rekonversioun vun den Industriebroochen an der staarker Proportioun vun de Frontalieren aus dem Lothringen Rechnung droen. De Kolleg Fred Sonnen wäert a senger Intervention méi am Detail op d'Problematik vun den Industriebroochen agoen. Dofir kann ech mech och mat e puer Iwwerleeungen iwwert d'Verkéiersproblemer vum Süde begnügen.

Wat d'Schwéierpunkten an d'Prioritéiten vum Verkéierskonzept fir de Süden ubelaangt, esou solle se, menger Meenung no, éischters op der Verlagerung vun engem Deel vum privaten Transport op dee méi ëmweltfrëndlechen öffentlichen Transport leien, zweetens op dem Ofbau vun de Geforenzone vun der Diddelenger Autobunn, drëtzens op enger Entlaaschtung vum Duerchgangsverkéier an den Uertschaften, a véiertens op dem Ausbau vum Verdeeeler Lankeltz.

Eng Verlagerung vum private Verkéier op den öffentlichen Transport kann nëmmen duerch een Ausbau vun der Offer vum öffentlichen Verkéier geschéien. Well d'öffentlech Verkéiersnetz awer an de Spëttestonnen u seng Grenze stéisst, kann dës nëmmen iwwert den Ausbau vum Eisebunnnetz erreicht ginn. Hei ass jo eng zweet Linn tëschent Lëtzebuerg a Beetebuerg geplangt, esou wéi och eng zweet Linn tëschent Esch an der Haaptstad, déi d'Industriezone vu Féitz, vu Leideleng an der Cloche d'Or géing bedéngen an d'Uertschafte Monnerech, Steebrécken, Wickreng/Éileng a Leideleng un d'Eisebunnnetz géing ubannen. Och eng zweet Spur op der Linn Péiteng-Lëtzebuerg ass geplangt, déi de Wuerentransport op der Streck Klengbetten-Lëtzebuerg kéint entlaaschten, wouduerch de Persounentransport op deser Linn kéint ausgeweit ginn.

Et ass ëmsou méi wichtig, well, wéi et jo schéngt, eis belsch Nopere bereet wieren d'Streck Bréissel-Lëtzebuerg ze moderniséieren, wat eng Verbesserung vun dem Zuchverkéier an déi Richtung sécherlech géif mat sech bréngen a wat och zu enger Verbesserung vun der Verbindung Bréissel-Lëtzebuerg-Stroosbuerg kéint en Ustouss ginn.

Déi Diddelenger Autobunn ass eng vun deene meescht befuere Stroossen aus dem Land an hir Belaaftung wäert mat der Fäerdegstellung vun der Saaraubunn nach zouhuelen. Souzesoen all Dag geschéien Accidenter op deem Autobunnstronçon, déi Leed an d'Famillien an Onkäschte fir d'Allgemengheet mat sech bréngen. Ob deser Iwwerlaaschtung eleng mam Ausbau vum öffentlichen Transport kann opgehéiert ginn, soll sech aus der IVL-Studie erginn. Soll esou eng Entlaaschtung awer net méiglech sinn, da schéngt et mer wéi wann den Ausbau vun deser Autobunn mat enger drëtter Spur onbedéngt noutwendeg wier, fir d'Sécherheet vun de Benotzer an Zukunft ze assuréieren.

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dann hu mer manner Verkéier an den Duerchgangsstroossen.

(Interruption)

M. Norbert Hauptert (CSV).- Dës drëtt Spur misst awer an de Spëttestonne fir de Busverkéier reservéiert bleiwen, eng Virschreift déi iwwert den CITA-System misst einfach ze géréiere sinn.

Ech weess, dass déi Léisung net iwwerall op Zoustëmmung stéisst, awer effikass Alternativléisunge fänd jo och net op der Hand. Et sief dann d'Leit wiere bereet manner mam Privatauto ze fueren a méi oft den öffentlichen Transport an Usproch ze huelen. Awer dee Virschlag fénnt och bei de Leit vun de Biergerinitiative géint den Ausbau

vun der A6 keng allze grouss Begeescherung.

De Verdeeeler Lankels stellt en Enkpass fir de flësseg Offlaf vum Verkéier tëschent der Collectrice du Sud an der Escher Autobunn op der Héicht vu Lalleng duer. Hei staut et mueres praktesch bis op Käerjeng a vill Automobiliste verloossen d'Collectrice zu Suessem, fir iwwer Éilereng a Monnerech zu Féiz erëm op d'A4 erop ze fueren, dat zum Verdross vun den Awunner vun deene genannten Uertschaften. En Ausbau vum Verdeeeler Lankels drängt sech hei bei der Ausschaffung vun engem Gesamtkonzept fir de Stroosseverkéier am Kader vun der Rekonversioun vun den Industriebroochen op. Dat géif och dee méi deiere Bypass, deen den Här Zanussi ernimmt huet, deen iwwer Monnerech géing féieren an deen ëmmer erëm an d'Gespréich bruecht gëtt, wou awer nach kee Projet virfält an dee jo do-duerch, datt en e Quartier vum Rescht vun der Uertschaft géif komplett ofschneiden, staark kontestéiert ass. E géing also dee Bypass iwwerflësseg maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis bewosst, datt fir d'Verkéiersproblemer bei eis am Land eng urgent awer kohärent Léisung fonnt muss ginn, an dat mat Rücksicht op d'Liewensqualität vun all eise Bierger an am Respekt vun eiser Ëmwelt, awer och am Interesse vun eiser Wirtschaft an am Respekt vun eise Missiounen am Kader vun eise Verpflichtungen an der Europäescher Unioun.

Mir sinn zouversichtlech, datt eis Regierung an Zesummenaarbecht mat eise Gemengen a mat Rücksicht op d'Wësch vun der Majoritéit vun de Leit e kohärent Konzept wäert fannen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Mosar huet d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi. Den Här Mosar huet d'Wuert.

3. Dépôt d'une proposition de loi

M. Laurent Mosar (CSV).- Här President, ech wollt d'Wuert froe fir Akt ze kréien vum Dépôt vun enger Proposition de loi iwwert d'Virnimm vun de Kanner.

- Proposition de loi 5106 relative aux prénoms des enfants.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi a si gëtt weitergereecht un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissioun.

Mir fueren dann elo weider mat eiser Diskussioun. Als nächste Riedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

4. Interpellation de M. Marc Zanussi sur l'élaboration d'un plan sectoriel Transport pour le Bassin minier (suite)

Discussion générale (suite)

M. Schummer John (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et mierkt een datt d'sozialistesch Aarbechterpartei nervös ass a fäert den nächsten Zuch an d'Regierung, deen 2004 fortfiert, erëm eng Kéier ze verpassen. Esou gëtt scho bal mat Verzweiflung no all Stréihalle gegräff, dee versprécht hinnen en neie Profil ze ginn, e Profil als verantwortungsvoll Partei mat Visiounen an Alternativen, wéi ee Lëtzebuerg op d'Erausforderunge vu muer virbereede kéint. Et muss een awer soen, datt se nach ganz wäit ewech si vun esou engem Profil.

Visiounen hu se esougutt wéi guer keng oder et sinn der, déi se do-heem um Späicher aus der Mot-